

REÇU
Par Aiff Christian , 13:15, 21/01/2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Santé huet den 21. Januar an enger Pressematdeelung annoncéiert, datt eng «Maison médicale» am Süden an engem Zentrum geplangt ass. Dës zwou «Maisons médicales» sollen dann och déi al Strukturen ersetzen. Wéi et weider an der Pressematdeelung heescht, géif och am Norden intensiv no engem neie Site fir eng «Maison médicale» gesicht ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Sicht d'Santé och no engem Site fir eng «Maison médicale» am Oste vum Land?
2. Wa jo, wou soll sech dës Site fir eng «Maison médicale» am Oste viraussichtlech befannen?
3. Wann nee, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerthen, datt an all Bezierk duerch «Maisons médicales» eng besser Prise en charge soll assuréiert ginn, awer datt fir de Bezierk Osten keng vergläichbar medezinesch Versuergung envisagéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alf Christian, 10:57, 17/02/2021

Luxembourg, le 17 février 2021

Réf. : 836xb5a19

Concerne: Question parlementaire n° 3491 du 21 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3491 du 21 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant une "Maison médicale dans la région Est du Luxembourg".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3491 du 21 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant une "Maison médicale dans la région Est du Luxembourg".

Den Gesondheitsministère an d' Gesondheitsdirektoun sinn ganz beméit fir schnell eng Léisung fir den Osten vum Land ze fannen, déi eng besser an flächendeckend medezinesch Versuergung fir d'Bevëlkerung bréngt.

Well den Osten, geographesch gesinn, vun Norden no Süden weit zitt, ass een eenzegen Site wahrscheinlech keng zefriddestellend Léisung fir d'Leit déi do wunnen. Dozou kënn dat wann een, een eenzegen Site plangt, och déi néideg medezinesch Ressourcen mussen disponibel sinn.

Aus deenen Grënn ginn d'Bestriewen vum Gesondheitsministère an Richtung vun enger Pluralitéit vun Siten fir den Zougang zur medezinescher Versuergung ze versécheren.